ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 2615

REÇU
Par Alff Christian , 14:36, 03/08/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. August 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sozialminister weiderzeleeden.

An der Press ass iwwert d'Suerg vun enger grousser Gewerkschaft ze liesen (Tageblatt vum 3. August 2020), wat den Ajustement vun de Pensiounen an d'Allocation de fin d'année fir d'Renten ugeet. Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Minister :

1. Ginn d'Pensiounen Enn dëses Joers ajustéiert, wéi d'Gesetz vum 21. Dezember 2012 et virgesäit?
2. Ass d'Regierung mat der Interpretatioun vun der zitéierter Gewerkschaft d'accord, datt d'Aussetze vun dësem Ajustement vun de Pensiounen, wéi et am Gesetz virgesinn ass, eng strukturell Moossnam ass, déi deemno net am Kader vun enger aussergewéinlecher Kris wéi der Corona-Epidemie däerf spillen?
3. Huet d'Regierung Pläng, d'Allocation de fin d'année, wéi si am Gesetz vum 21. Dezember 2012 virgesinn ass, ofzeschafen? Kann d'Regierung garantéieren, datt dës Zoulag iwwert déi nächst Jore bestoe bleift an net a Fro gestallt gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 03 août 2020

Objet : Question parlementaire n° 2615 du 03.08.2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Ajustement des pensions

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés